Questions Marco Thomé - Benoit Billo Rédacteur FGFC Photos Eric Devillet



# FGFC: kommunal, proaktiv, participativ

## Interview mam Claude Reuter, FGFC Vize-Präsident.

> “leaders don't create followers; they create more leaders...”



### Här Reuter, wéi gesäit fir Iech eng modern Gewerkschaft aus?

Eng modern Gewerkschaft erkennt, dass si hir Missiounen an hiert Fonctionnement de jeeweilegen Zäiten upasse sollt – u sech stinn der FGFC hir Konklusiounen dozou an eise Statutten, déi mir am Oktober 2021 op eisem leschte Kongress, eestëmmeg ugeholl hunn.

Fir d'FGFC bedeit dat, dass, mir fort komme sollten, vu "mir sinn dofir, dass mir dogéint sinn". Ech plädéieren dofir, proaktiv mat alle Sozialpartner fir de kommunalen Déngscht a säi Personal z'agéieren.

Aus eiser Siicht, muss een och seng Membere participativ abannen. Heifir brauch et éischtens eng kloer gewerkschaftlech politesch Visioun an der net nëmmen de Member, mee de ganze Secteur erkennt, firwat eng FGFC steet. Zweetens brauch et vereinfacht Strukturen an deenen sech de Member, Themebezunn bedeelege kann, ouni sech mussen ëm Statutten, Generalversammlungen, Rapporten asw ze bekëmmeren.

Wa mir op de Benevolat bauen, da sollte mir och dofir suergen, dass eis Leit déi kostbar Zäit nieft der Aarbecht, sënnvoll fir d'FGFC asetze kënnen. Am Géigenzuch, huet dat zur Konsequenz, dass mir eis nach méi professionell an eisem Sekretariat opzestellen hunn an déi néideg Kompetenze bei eisem Personal garantéiert, souwéi ausgebaut gi mussen.

Am Kloertext heescht dat och, dass mir nach méi no un eis Leit eru mussen. Dëst virun allem do, wou se eis am Meeschte brauchen - op der Aarbecht an alles wat an deem Zesummenhang steet.

### Deene Jonke schéngt et net esou wichteg ze sinn an enger Gewerkschaft ze sinn. Wéi gesitt Dir dat?

Wat d'FGFC betrëfft a selbstkritesch betruecht, kommunizéiere mir net genuch wat mir als FGFC maachen an dat och nach net an der passender Kommunikatiounsform. An ebe well mir net erkläre woufir mir stinn, gesinn déi Jonk net ëmmer eng Plusvalue doranner bei eis Member ze ginn. Vill Leit hu leider och keng ënnerlech Identifikatioun méi mat den Institutiounen an deene si schaffen.

Doriwwer eraus beschränkt dat Ganzt sech net nëmmen op d'Jugend, mee et ass éischter e generelle gesellschaftleche Phänomen. Vläicht liewe mir ëmmer méi an enger Gesellschaft, an der jiddereen nëmmen no sech kuckt an denkt, wann ech eppes automatesch kréien, wisou soll ech mech dann nach affiliéieren oder engagéieren?

Kennt dobäi, dass dat Wuert "Gewerkschaft" fir vill Leit schonns e rout Duch ass. Dat ass net gutt fir eis all, an deem solle mir als modern FGFC entgéintwierken.

### Um leschte FGFC-Kongress ass deklaréiert ginn, dass wärend den nächste 5 Joer, eng nei Equipe e "Syndicat de service" deen op d'Besoine vun de Memberen zentréiert ass, modern an digital, an d'Liewe geruff gëtt. Wéi gesäit fir Iech eng optimal FGFC a 5 Joer aus?

Dat wat mir zesumme beschloss hunn, ass bis 2026 weiderhin vum Pabeiertiger an d'Praxis ëmzesetzen. Dëst bleift bei all Reformen eng grouss Erausfuerderung, bei der sécherlech nach Upassungen um Programm stinn. Ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass mir dat zesummen hikréien an eis Memberen sech mat der "neier FGFC" identifizéiere wäerten. Aus deem entsteet dann och d'Participatioun, dass de Member sech, op cibléiert Dossiere, souwéi um Terrain engagéiert.

Mir schwieft éischter eng kollegial Relatioun tëscht a mat eise Membere vir. Dofir fueren ech léiwer mat der Lokomotiv méi lues Richtung 2026, wéi dass eis Leit sech net matgeholl fillen. Et ass eng Equippenaarbecht an eng vu mengen Aufgaben ass, dofir ze suergen, dass jidderee agebonnen bleift, d'Aufgaben no Ressourceméiglechkeeten ëmgesat ginn - dat ouni Zil aus den Aen ze verléieren.

Kuckt een déi aktuell Entwécklungen an der Welt, ass et net schwéier festzestellen, dass grouss Erausfuerderungen an nächster Zäit an d'Haus stinn. Elo schonns ass absehbar, dass de Gemengesecteur mat grondleeënden Ännerunge konfrontéiert wäert ginn. Dofir brauche mir eng gutt opgestallten FGFC mat Leit, déi ëm den Eck denke kënnen, fir um richtege Moment, déi passend Léisungen ze fannen.

### Wat si fir Iech déi wichtegst Punkten an den FGFC-Reformen?

Dee wichtegste Punkt ass, déi intern an extern Relatiounen a Kommunikatioun ënnerteneen a mateneen. Mir brauche Multiplikatoren, déi d'FGFC Valeure liewen a viruntransportéieren. Nëmmen esou entsteet eng Identifizéierung mat der FGFC fir de kommunale Secteur.

D'Valorisatioun vun eisen Delegatiounen ass hei e Kärthema. Et sinn eis gewielten FGFC-Delegéiert, déi direkt sur Place de Bols spiere wat op de Gemengen a Gemengesyndikater lass ass. Wa mir eis Relatioune mat hinne verdéiwen, gi mir och direkt gewuer, wou de Schong dréckt, respektiv wéi pragmatesch Léisungsusätz ze fanne sinn.

Fir eisen Delegéierten déi néideg perséinlech-, wéi fachlech Kompetenzen mat op de Wee ze ginn, hu mir d'FGFC-Akademie gegrënnt. Eis Leit brauche spezifësch Formatiounen, fir all hir Missiounen adequat ëmsetzen ze kënnen.

Wat déi gewerkschaftspolitesch Féierung vun enger Gewerkschaft ugeet, soll de Member, direkt, ouni Filter Matsproocherecht - spréch Walrecht hunn.

Dofir hu mir als FGFC am Joer 2026, déi éischt basisdemokratesch Wale fir eis Gremien.

**D'FGFC setzt genau esou wéi d'Fonction publique op d'intern Digitalisatioun. Wat sinn hei déi grouss Linnen ?**

Digitalisatioun ass e grousst Wuert. Déi eng hu massiv Angscht dofir, anerer kréien es net genuch dovunn. Fir d'FGFC heescht et einfach dass mir eis modern, informatesch opstellen. Dat heescht praktesch gekuckt z.B. am Kontext vun der Ëmwelt, esou mann wéi méiglech Pabeier ze benotzen, iwwer mobil Datennotzung, bis hin zu digitaler Kommunikatioun a Vernetzung.

Basis vun eiser digitaler Kommunikatioun ass eisen neie Memberfichier (CRM). Am Laf vum Joer 2023, kritt all Member e securiséierten Zougang op eis FGFC-Plattform. Hei kritt just nach de Member Zougang, zu alle wichtegen Informatiounen, Dokumentatiounen a méigleche Prestatiounen. Donieft schaffe mir un engem Kommunikatiounskonzept, dat ënneraneren Videokappselen a informativ Publikatiounen an de soziale Medien beinhalte wäert.

Bei aller Digitaliséierung, gëllt et net an Extremer ze verfalen. Do wou et Sënn mécht, maache mir weiderhi Publikatiounen op Pabeier, respektiv sinn eis Reuniounen och live. An allen digitale Prozesser ass de perséinleche Kontakt ënnerteneen a mam Member extrem wichteg an duerch näischt z'ersetzen.

**Dir schéngt vun Iddien nëmmen esou ze spruddelen. Scheinbar kann et Iech deelweis net séier genuch goen. Hutt der keng Problemer mat dem méi luese Rhythmus vun der Fonction publique selwer ?**

Et ass richteg, dass Gedold net ëmmer meng Stäerkt ass; ech hunn awer mat de Joere geléiert, wéini ee Waasser a säi Wäi schëdde sollt.

Zemools an der komplexer an hierarchescher Fonction publique, dréine vill kléng a grouss Rieder aneneen. Dofir ass gutt opzepassen, wéi séier a vill een un dëse Rieder dréint – egal wéi gutt engem seng Iddi erschéngt. D'Aufgabe vun der Fonction publique fir d'Gesellschaft sinn a bleiwen extrem wichteg an dobäi ass op dee richtege Rhythmus opzepassen.

**Viru ronn engem Joer huet d'FGFC eng grouss Campagne an Zesummenaarbecht mat de Services psychosociaux vum Staat initiéiert. Hei ass et drëms gaangen de Gemengesecteur fir d'psychosozial Risiken op der Aarbecht ze sensibiliséieren. Wéi ass de Bilan a wat fir e Retour ass komm ?**

Meng Erfarung ass, dass eis Leit an engem gëllene Käfeg setzen. Gëllen, well se eng anstänneg Pai an nieft anere Privilegien, eng Beschäftegungsgarantie, hunn. Käfeg, well op si vu ville Säiten am hierarchesche System, Drock ausgeübt gëtt.

De Retour op eis Campagne war extrem positiv, wat am Fong beweist, wéi drénglech den Thema mental Gesondheet an eiser Gesellschaft ass. Deelweis kënnen eis Leit awer net am Famille-, Frëndeskrees doriwwer schwätzen, no deem Moto: "du hues dach alles – wat jéimers grad du". Eisersäits muss ech zouginn, dass eis aktuell intern Ressourcen an dësem Kontext limitéiert sinn – mir loossen awer keen am Ree stoen.

Wat ech perséinlech bedaueren ass, dass mir am Gemengesecteur nach ëmmer keng zesummenhänkend Institutioun hunn, déi sech der Präventioun, Gesondheet an der Securitéit vun eise Leit adequat unhëlt. Hei sinn zum Beispill Waardezäite vu 4-5 Méint ier sech, déi aktuell eenzeg zoustänneg Kommissioun, mat engem perséinlechen Dossier befaasst, net méi ze toleréieren. Dofir bleift hei nach esou munch Iwwerzeegungsaarbecht ze leeschten, fir dass et de Responsabelen am Secteur kloer gëtt, dass hei akuten Handlungsbedarf ass.

**Héiert een d'Inneministesch Bofferding, da geet et bei der Reform vum Gemengegesetz virun allem dorëms, d'Verwaltungen ze moderniséieren an ze professionaliséieren. Zugläich soll de Schäfferot bei verschidden, manner wichtegen Decisiounen, am Dagesgeschäft entlaascht ginn. Fannt Dir, dass déi rezent Diskussiounen an Decisiounen hei an déi richteg Richtung ginn ?**

Déi ganz rezent Reformen déi um Instanzewee sinn oder ënnerwee sinn, dat z.B. am Kontext vum Code de Deontologie fir Kommunalpolitiker awer och d'Mesuren déi geholl ginn, fir d'Engagement vum Bierger an der Kommunalpolitik méi einfach a mir unzéiend ze maachen, kann ech nëmme begréissen a felizitéieren hei der Innenministesch.

Mir brauchen awer nach aner Reformen am Gemengesecteur, dëst virun allem innerhalb vun den Organisatiounsstrukturen. An der Ëmsetzung vun deem Punkt leien mir bekanntlech net mat der Innenministesch op enger Wellelängt.

Meng Iwwerzeegung ass, dass mir aktuell genuch Inhalt an eisen Texter hunn an endlech dat sollen ëmzesetzen wat do drasteet. Konkret, loosst eis elo emol de bestoende Fonctionnement en Place setzen a formaliséieren an esou eng eenheetlech Struktur am Gemengesecteur schafen. Paralell dozou, sollte mir déi Adaptatiounen virhuelen, wou mir mierken, dass eis Texter net méi passen, respektiv onkloer sinn.

## "Et ass um Intérieur eise Leit eng adequat Hëllefstellung ze garantéieren"



## "Den INAP soll eng Beruffsschoul ginn "

## Zur Persoun

### Claude Reuter

*FGFC Vize-Präsident*

- **gebuer** 17. Juni 1975 zu Esch
  **bestued** an e Stod vun 3 Kanner
  **wunnt** zu Monnerech

*Beruffstätegkeet*

- Gemengebeamten op der Stad Lëtzebuerg **(säit 1998)**
- Aktiven **FGFC-Member** a lokal- a professionnellen Associatiounen **(säit 1998)**
- Détachéiert op d'**FGFC (säit 2005)**
- Funktiounen am Sekretariat: Chargé des relations publiques a Conseiller
- Grënnungsmember vum **Goteam (2017)**
- **Member vum éischte Bureau exécutif élargi (2018)**
- Member vum Exékutifbüro - **Vice-President (2021)**




# “Mir ass eng, kollegial Relatioun tëscht a mat eise Membere wichteg ”

Hei ass et ganz kloer un eisem Inneministère, eis Leit wéi och d'Politik, konkret um Terrain z'ënnerstëtzen. Et kann net sinn, dass eis kommunal Verantwortlech op privat Consultancen zréckgräife mussen, déi aus menger Siicht net vill Anung hunn, wéi eng Fonction publique fonctionéiert an de Bierger um laangem Enn just Sue kascht ouni grouss erkennbar Resultater fir eis Verwaltungen.

## Viru wat fir enge groussen Erausfuerderung steet den ëffentlechen Déngscht – am speziellen de kommunale Secteur ?

Eng grouss Erausfuerderung ass a bleift, d'Valorisatioun vun eise Leit an d'Aart a Weis wéi si vun der Gesellschaft awer och vum Patron, wouer geholl ginn. Hei gëllt et weider opzeklären, wat fir eng qualitativ wichteg Aarbecht, d'Majoritéit vun eise Leit am Alldag leescht.

Weider stellen ech fest, dass trotz de ville Reformen am Enseignement, d'Leit beim Schoulofgank net méi déi Kompetenzen hunn, déi se nach virun 10-15 Joer haten. Hei brauche mir eng adequat Struktur, wou mir als Secteur kennen eis Leit ausbilden. Ech stinn dofir, dass aus dem INAP soll eng Beruffsschoul ginn, wou eis Leit praxisbezunn, fir déi Funktiounen a Kompetenzen, wou mir se brauchen, ausgebilt ginn.

Wat mir ganz déck um Mo läit, ass d'Astellungspolitik an eisem Secteur. Mir hu kloer an eisem Statutt stoen, dass primär e Fonctionnaire anzestellen ass, souwéi an Ausnamefäll en Employé communal. Wa mir an der Fonction publique e Problem hunn, dat z'erfëllen, da sollte mir eis zesummen un en Dësch setzen a Léisunge fannen. Als FGFC akzeptéiere mir op kee Fall déi schläichend Tendenz, d'Fonctionnariat auszehielegen.

Fir d'Gläichstellung bei de Salarié sollt eng eenheetlech, sektoriell Gehälterstruktur appliziéiert ginn, spréch: déi selwecht Pai, fir déi selwecht Aarbecht.
Nieft villen administrative Vereinfachungen, wier et dann och dem Salarié méiglech e Patronwiessel ouni Gehaltverloscht ze maachen. Dofir plädéiert d'FGFC fir en eenheetleche Kollektrivvertrag am ëffentlechem Déngscht.

## Nächst Joer si Gemengewalen a Chamberswalen. Wat wënscht Dir Iech als Resultat ?

Ech wënsche mir, dass mir nach méi kommunal engagéiert Politiker kréien, déi den Avantage gesinn, Kompetenzen ze bëndelen. Dëst mam Zil, zesumme mam Personal an eis als FGFC de Service Public bei de Gemengen no vir ze bréngen.

Um nationale Plang wënschen ech mir, dass mir een eenzege Ministerposte fir d'Kompetenze vun der Fonction publique an dem Ministère de l'Intérieur kréien. Als Fonction publique & -communale, si mir ee Secteur an dat misst op allen Ebenen och esou organiséiert ginn. Déi deelweis laang Waardezäite fir Dossieren an Texter vum Staat bei eis Gemengen ëmzesetzen, ass net méi zäitgeméiss.

## Den Accord salarial leeft bekanntlech Enn 2022 of. Wat muss Ärer Meenung onbedéngt drastoe kommen ?

Mir falen dozou e Pak Punkten an, déi de Staat net allze vill kaschte géif – dofir esou munches an eisem Secteur besser funktionéieren géif. Als FGFC wäerte mir dat mat eise Gremien beschwätzen an eise konstruktiven Input un deen zoustännege Partner viruleeden.

Sécherlech wäert zemools fir eise Secteur, folgend Sujeten en Thema ginn: adequat Unerkennung vun den ausgestallten Diplomer säitens der Educatioun an eis Gehälterstruktur (BTS, Brevet de maîtrise), Examen d'aptidude générale & Astellungsprozeduren, Temps de travail & Télétravail, Missiounen & Protektioun vum Delegéierten, Poste à responsabilités particulières…

Wat elo dat « Finanziellt » ugeet a wann ech deen neie Südkollektivvertrag liesen, stellen ech fest, dass d'Politik entscheet huet, dass et keng Nullronne méi ginn. Soumat ginn ech dann dovunner aus, dass eis Regierung, dat och elo fir d'Fonctionnairen an d'Employéën am ëffentlechen Déngscht esou handhabe wäert.

## Als aktuelle FGFC Vizepresident ass geplangt, dass Dir d'Presidence Enn 2023, vum Marco Thomé iwwerhuelt. Muss ee sech do op gréisser Changementer astellen ?

Ech sti fir: "Leaders don't create followers; they create more leaders ...." a genau esou wäert ech dat mat eise Leit aus eisem Bureau exécutif élargi ugoen. Jiddere soll seng Plaz fannen, sech mat all senge Kompetenzen anzebréngen. Weider wäert ech jidderee fërderen, deen sech bei eis an der FGFC engagéiere wëll.

Am Alldag wäert ech weiderhin an eisem Sekretariat de Conseil fir eis Membere matmaachen. Perséinlech a professionell Relatioun ass a bleift fir mech elementar a menger Aarbecht, dorunner ännert och keen Titel eppes.

Och wäert ech eis Personaldelegatiounen a Groupements d'intérêt ënnerstëtzen.

Grad esou wäert ee mech oft um Terrain fannen, fir zesummen am Gespréich ze bleiwen.

# “D'Valorisatioun vun de Personnal-delegatiounen ass e Kärthema fir d'FGFC”

## Wat kann een Iech wënschen, wann Dir geschwënn President vun der FGFC gitt ?

Ech ginn dovunner aus, dass ech elo déi bekannten 3 Wënsch fräi hunn; da wieren dat:

- Eischtens, dass ech meng Leidenschaft an Energie bäibehalen an domadder aner Leit begeeschtere kann, fir bei eis matzewierken.
- Zweetens, dass ech, zesumme mat eise Leit, dat richtegt Gespier hunn, duerch déi sech ukënnegend schwéier Zäiten ze navigéieren.
- Drëttens, dass mäi Minetter, just an homeopateschen Dosen zum Virschäin kënnt, wann et gëllt diplomatesch ze sinn.

Bis zum Wiessel, wënschen ech mir, dass ech zesumme mam Marco e gudden Iwwergang fannen, bei deem, deen een ëmmer méi lass léisst an deen aner ëmmer méi Responsabilitéit iwwerhëllt.

## Villmools Merci